# Meng Checklëscht fir 72 Stonnen

**Ech preparéiere mech am Viraus, fir bei enger Evakuatioun oder wann ech Schutz opsiche muss, autonom ze sinn.** Dës Lëscht enthält déi wichtegst Basiselementer. **Passt se un** déi spezifesch Besoine vun Ärem Stot un (Famill, Gesondheet) a **kontrolléiert** d'Oflafdatumer op d'mannst zweemol d'Joer. Versuergt de Kit op enger sécherer, liicht zougänglecher Plaz, déi jiddwerengem am Stot bekannt ass.

## Iessen, drénken a kachen

- ☐ Waasser: op d'mannst **3 Liter pro Persoun** a pro Dag
- ☐ Onverdierflech Liewensmëttel, déi liicht ze konsuméiere sinn. Denkt och un Är Déieren.
- ☐ Basisgeschier: Multifunktiouns-Täschemesser, Béchsenëffner, Schéier, Bic, asw
- ☐ Kocher, am beschten e Gaskocher (mat Rechargen) **Gitt verantwortungsbewosst a sécher domat ëm! Opgepasst op de Kuelemonoxid!**
- ☐ Eidel Behälter (z. B. Fläschen)

## Sech waarm halen

- ☐ Schlofsäck an/oder Decken

## Geliits

- ☐ Täscheluucht oder Stierluucht mat zwee Sätz Ersatzbatterien oder eng Luucht ouni Batterie mat Kierb (Dynamo)
- ☐ Käerze mat Fixspéin oder Briquet. **Gitt verantwortungsbewosst a sécher domat ëm!**

## Sech fleegen

- ☐ Éischt-Hëllef-Trousse; Plooschteren, Kompressen, Desinfectant, Paracetamol...
- ☐ Verschriwwe Medikamenter
- ☐ Lingetten, Toilettëpabeier an Desinfektiounsgel
- ☐ Jodpëllen (Dir kritt se op Ärer Gemeng) **Huelt dës nëmmen an, wann d'Autoritéiten dat recommandéieren.**

## Sech ëm sech selwer këmmeren

- ☐ Produite fir d'Kierperfleeg
- ☐ Kleeder an Ersatzschong (jee no Saison)

## Meng perséinlech Saachen:

- ☐ ..........................................................
- ☐ ..........................................................
- ☐ ..........................................................

## Sech informéieren, a Kontakt bleiwen

- ☐ Radio mat Batterien oder enger Kierb (UKW/FM an/oder DAB+), den Autosradio kann eng Alternativ sinn
- ☐ Externen Akku (Powerbank) mat de passende Kabelen
- ☐ Chargeure fir den Telefon an de Computer

## Dokumenter

- ☐ Kopië vun den Identitéits- a Versécherungspabeieren oder all anert wichtegt Dokument (Fürerschäin, Pass) an enger waasserdichter Pochette
- ☐ Perséinlechen Noutfallplang
- ☐ Lëscht vun den nëtzlechen Telefonsnummeren (Famill, not Ëmfeld, Dokteren, Noutruffnummeren...)
- ☐ Boergeld

## Am Fall vun enger Evakuéierung, denkt drun, follgendes matzehuelen:

- ☐ Eng oder zwou Fläsche Waasser
- ☐ Medikamenter, déi aktuell anzehuele sinn, an eventuell Rezepter
- ☐ Kichelcher, Nëss oder Müüslirigelen
- ☐ Handy mat Chargeuren
- ☐ Portmonni mat Identitéitsdokumenter, Boergeld, Kreditkaarten a wichteg Pabeieren
- ☐ Schlëssel vum Haus a vum Auto
- ☐ Externen Akku (Powerbank) mat de passende Kabelen
- ☐ Perséinlechen Noutfallplang
- ☐ Lëscht vun den nëtzlechen Telefonsnummeren (Famill, not Ëmfeld, Dokteren, Noutruffnummeren...)
- ☐ Éischt-Hëllef-Trousse
- ☐ Wichteg Hygiènesartikelen

Vergewëssert Iech, datt Ären Evakuéierungsrucksak liicht bleift a sech einfach transportéiere léisst.

LËTZ PREPARE! STRATÉGIE NATIONALE DE RÉSILIENCE

**Luet de Guide** an de **perséinlechen Noutfallplang erof.** A verschiddenen Sproochen an accessibeler Versioun disponibel.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG